## Regelen am Konfliktfall

Et ass eis wichteg, datt mir eng Schoul mat ville Meenunge sinn. Et ass eis och wichteg, net nëmme Kritik auszedrécken, mä och Léisungsvirschléi ze maachen. Bei Meenungsverschiddenheeten an am Fall vu Konflikter versiche mer am Gespréich mat deene betraffene Persounen an der Schoul, net iwwer Bréiwer, an ënner Berécksichtegung vu folgendem Pyramidesystem, Léisungen ze fannen.

4. Inspekter
3. Comité / President
2. Coordinateur de cycle | Représentants des parents
1. Léierpersoun-Léierpersoun | Léierpersoun-Elteren | Elteren-Elteren

Mir versiche Konflikter zesummen op der éischter Stuf ze léisen.

Illustrations © Sabrina Kaufmann Art

**Kontaktadressen**

roudewee.info
contact@roudewee.info
B.P. 67 L-4401 Belvaux

## Volet parents

Les préceptes de base

- Nous sommes attentifs aux horaires afin que nos enfants arrivent à l'heure à l'école.
- Nous remettons une excuse écrite si nos enfants manquent les cours.
- Nous n'autorisons pas nos enfants à utiliser les téléphones portables dans l'enceinte de l'école.
- En cas de problème au sein de la classe, nous nous référons au schéma en fin de charte.

À la maison

- Nous consultons et signons tous les jours le journal de classe.
- Pour faire les devoirs, nous mettons à la disposition de nos enfants des lieux calmes, propices à la concentration.
- Chaque jour, nous vérifions avec nos enfants que les devoirs ont bien été faits.
- Nous vérifions que nos enfants disposent bien de tous les livres et de toutes les fournitures dont ils ont besoin en classe.
- Nous veillons à ce que nos enfants se couchent de bonne heure afin qu'ils n'arrivent pas fatigués le matin à l'école.
- Nous donnons à nos enfants un goûter équilibré pour la récréation.

À l'école

- Nous sensibilisons nos enfants à se respecter mutuellement.
- Nous sensibilisons nos enfants à respecter l'autorité de tous les personnels actifs au sein de l'école.
- Nous rappelons à nos enfants qu'ils doivent se conformer au règlement en application au sein de l'école et dans les classes respectives.

## Volet enseignants

- Nous créons une atmosphère dans laquelle chaque enfant se sent à l'aise pour apprendre.
- Nous respectons les enfants et leurs qualités diverses et agissons le plus possible en fonction de leurs besoins.
- Nous transmettons aux enfants un savoir de base optimal pour leur vie future.
- Nous nous efforçons d'avoir de bonnes relations avec les parents et nous sommes ouverts au dialogue.
  - Nous nous montrons disponibles à informer les parents.
  - Nous faisons preuve de tolérance et d'ouverture.
  - Nous arrivons de manière ponctuelle à l'école.
  - Nous nous acquittons consciencieusement de notre devoir de surveillance.
  - Nous discutons entre nous et nous conseillons les uns les autres.
  - Nous travaillons en permanence à notre fonction d'exemple pour l'équité, l'ordre et la discipline.

Roude Wee

# Schoulcharta

## Eis Schoul ass eng Plaz wou mer eis wuel fillen a wou

- Wëssen, Fäegkeeten a Wäerter (Oppenheet, Éierlechkeet, Toleranz a Respekt) vermëttelt a gelieft ginn
- sech all Bedeelegt austauschen a géigesäiteg beräicheren
- d'Kanner ënnerstëtzt ginn

## Dat ass eis wichteg

Eis Schoul ass eng Plaz, wou mer eis begéinen, zesumme liewen, nei Fäegkeeten a Wäerter léieren a vermëttelt kréien.

- All Kand gëtt a senge Fäegkeeten ënnerstëtzt a kritt net nëmme Grondwësse bäibruecht. D'Kanner léiere selbstänneg ze ginn an am Grupp oder am Team ze schaffen.
- Respekt, gutt Manéieren an e sozialt Behuelen hëllefen dem Kand am Ëmgank mat Léierpersounen, Elteren, Kanner.

Eis Schoul gëtt méi lieweg an dynamesch, stressfräi a qualitéitsbewosst.

- All bedeelegt Persounen, Schoulkanner, Léierpersounen, Elteren, kënnen a sollen sech austauschen a matenee schwätzen.
- Mir wëllen eis géigesäiteg beräicheren an zesummen oppe sinn fir nei Iddien.

## Schülertransport mam Bus

1- Ech hunn d'Recht sécher am Bus transportéiert ze ginn an d'Flicht mech ze setzen an aner Kanner sech setzen ze loossen, wann eng Plaz nieft mir fräi ass.
2- Ech hunn d'Recht mech sécher um Wee fir an de Bus an am Bus ze fillen an d'Flicht mech roueg ze verhalen (net schloen, net stoussen, net jäizen, net iwwert d'Sëtzer klammen, net iessen an drénken) an de Sécherheetsrimm unzedoen.
3- Ech hunn d'Recht op eng Opsiichtspersoun am Bus, deeër ech Bescheed soen wann ech e Problem hunn, an d'Flicht op déi Opsiichtspersoun ze lauschteren an hir ze follegen.
4- Ech hunn d'Recht mech sécher um Wee fir mam Bus an de Foyer ze fillen an ech hunn d'Flicht no der Schoul bei den Treffpunkt vun der Kantin ze goen a bei deenen Leit ze bleiwen déi mat mir zesummen an d'Kantin ginn.

Konsequenzen: D'Eltere ginn informéiert an d'Léierpersonal gëtt informéiert a kann am Fall wou et néideg ass, och mol eng Strof ginn.



## Schoulhaff

1- Ech hunn d'Recht selbstänneg ze ginn an d'Flicht eleng duerch de Schoulhaff bei d'Schoulgebai ze goen.
Keng Konsequenz
2- Ech hunn d'Recht op e proppere Schoulhaff an d'Flicht mäin Dreck an d'Dreckskëscht ze geheien an d'Planzen a Rou ze loossen.
Konsequenz: Ech rafen den Dreck am Schoulhaff op.
3- Ech hunn d'Recht op Bewegung an der frëscher Loft am Schoulhaff an d'Flicht op d'Pausenzeechen hin ouni ze trentelen an de Schoulhaff ze goen.
Konsequenz: Ech bleiwen an der Paus roueg bei der Trap stoen.
4- Ech hunn d'Recht a Rou a sécher dobaussen ze spillen an d'Flicht di aner bei hirem Spill net ze stéieren.
Konsequenz: Ech bleiwen an der Paus roueg bei der Trap stoen.

Kand: ..............................................

Elteren: ..............................................

Titulaire: ..............................................






## Schoulgebai

1- Ech hunn d'Recht mech am Schoulgebai sécher ze beweegen an d'Flicht lues ze goen amplaz ze lafen, déi aner net ze stoussen an de Schoulsak ze droen amplaz iwwer d'Träppleken ze zéien.
Konsequenz: Ech ginn de Wee zréck a komme lues rëm.
2- Ech hunn d'Recht a Rou kënnen ze léieren an d'Flicht déi aner net während dem Unterrecht duerch Kaméidi um Gank ze stéieren.
Konsequenz: Ech bleiwen an der Paus roueg bei der Trap stoen.
3- Ech hunn d'Recht meng Saachen uerdentlech am Gank erëmzefannen an d'Flicht meng Saachen op de Krop ze hänken an deenen aneren hir Saachen a Rou ze loossen.
Konsequenz: Ech raumen de Gank op mengem Stack.
4- Ech hunn d'Recht meng Aarbechten um Gank ze weisen an d'Flicht déi ausgestallten Aarbechten net muttwëlleg knaschteg oder futti ze maachen.
Konsequenz: Ech entschëllege mech mat engem schéine Bild oder Bréif bei deem betraffene Kand.
5- Ech hunn d'Recht d'Toiletten, d'Vestiairen an di aner gemeinsam Plazen ze benotzen an d'Flicht dës Plaze propper an opgeraumt rëm ze verloossen.
Konsequenz: Ech entschëllege mech mat engem Bild oder Bréif beim Botzpersonal.




## Schoulgemeinschaft

Zur Schoulgemeinschaft gehéieren d'Elteren, d'Schüler an d'Schoulpersonal.

1- Ech hunn d'Recht op géigesäitege Respekt. Ech hunn d'Flicht deen aneren sou ze behandelen, wéi ech selwer wëll behandelt ginn.
2- Ech hunn d'Recht sou akzeptéiert ze ginn, wéi ech sinn an d'Flicht deen aneren ze akzeptéieren, egal wéi grouss d'Ënnerscheeder sinn.
3- Ech hunn d'Recht mech a menger Schoul sécher ze fillen an d'Flicht kengem kierperlech oder séilesch wéi ze doen.
4- Ech hunn d'Recht op Kommunikatioun an Informatioun an d'Flicht alles matzedeelen wat wichteg ass, andeems ech regelméisseg Kontakt halen.

## Klasseregelen

Am Ufank vun all Schouljoer ginn an all Klass Klasseregelen zesummen festgehalen.

Ech hunn d'Recht mech a menger Klass bemierkbar ze maachen an d'Flicht mech un d'Klasseregelen ze halen.

